N°981
Entrée le 21.08.2024
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère des Affaires intérieures

**Äntwert vum Här Inneminister, Léon Gloden, op d'parlamentaresch Fro n°981 vum 9 Juli 2024 vum honorabelen Députéierten Meris Sehovic zum Sujet "affectation de nouveaux policiers"**

**Fro 1 an 2 : Wat fir Kommissariater, Unitéiten oder Servicer vun der Police hu vun dëser Verstäerkung profitéiert? Wéi ass déi genee Opdeelung an Zuelen?**

Esou wei an der Commission jointe vum 16. Mee erklärt ginn ass, sollen déi 90 Beamt*inne vum Renfort follgendermoosse verdeelt ginn, nodeems eng Partie Pensionéierunge kompenséiert goufen:

- 2/3 an de Beräich DCPA (Déi Servicer déi ennert d'Direction centrale Police administrative faalen)
- 1/3 an de Beräich DSPJ (Direction Service de Police judiciaire)
- Vun dem gesamten Netto-Renfort fir d'DCPA gi ronn:
- 25% an d'Regioun Capitale
- 25% an d'Regioun Sud-Ouest
- 12% an d'Regioun Centre-Est
- 12% an d'Regioun Nord
- 9% an de Service Contrôle aux Frontières vun der UPA – Unité de Police de l'aéroport
- 17% op aner national Unitéiten an operationell Servicer (UGAO – Unité de garde et d'appui opérationnel, UPR – Unité de la Police de la route, CIN/113 – Centre d'intervention national asw.)

Et sief drop higewisen, dass organisatoresch Decisiounen net vu mir selwer, mee vun der Police intern evaluéiert a geholl ginn, kohärent mam Regierungsprogramm (« *L'objectif est de renforcer systématiquement la présence policière sur le terrain partout où cela s'avère utile* »).

Dës Regierung wäert weiderhin Efforte maache fir d'Police insgesamt ze stäerken, mee virun allem d'Police judiciaire (« *La Police Judiciaire sera renforcée, notamment dans la lutte contre la criminalité économique et financière »).*

Lëtzebuerg, den 20. August 2024
Den Inneminister
(s.) Léon GLODEN